Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Saint Donat
Réiserbann

# De gefaangene Pirat

**Geschicht:**
D'Piraten sinn an eng Faal getappt a goufe gefaangen. Fir dass si a sou vill wéi méiglech vun hiere Kolleegen fräikommen brauche si Schlësselen. Hir Feinden waren awer onopmierksam an hunn d'Schlësselen leien gelooss. Si mussen dofir sou vill wei méiglech Schlësselen op di aaner Säit brengen, fir dass si erëm fräi kommen. An esou e gëllene Schlëssel heescht net nëmmen Fräiheet, mee och e puer Goldmënzen.

**Material:**

- Schwäerter
- Schlësslen
- 2 Eemeren
- Konstruktioun (fir d'Hänn duerch ze Stiechen 2x à 5 Lächer all Plack dh. 10 Lächer au total fir 10 Kanner (je eng Hand mat Schwäert)

**Opbau:**



**Lëtzebuerger Guiden a Scouten**
**Réiserbänner Guiden a Scouten a.s.b.l.**
44, Grand-Rue L-3394 Roeser – R.C.S. Luxembourg F15370
**Ekipp Wëllefchersrallye 2026 – Email : wellefchersrallye@lgs.lu**

**Oflaf:**

10 Kanner stinn um Briet mat jeeweils engem Schwäert. Zwëschen dem Start an dem Briet ass Distanz.  Ee Kand bréngt vum Start den éischte Schlëssel an hänkt en un dat éischt Schwäert. Dono gëtt de Schlëssel bis op déi aner Säit duerch ginn a vum leschte Schwäert an en Eemer geheit. (Soubal deen Eemer voll ass an keng Schlësselen méi um Start sinn, bréngt de Responsablen d’Schlësselen aus dem Eemer zeréck un de Start) Den 2te Schlëssel gëtt lassgeschéckt, soubal d’Kand wat den 1ten bei d’Briet bruecht huet zeréck ass (eng Art Staffel, et lafe keng 2 Kanner gläichzäiteg mee et kënnen awer 2 Schlësselen gläichzäiteg um Briet sinn).

Et wäerten ëmmer méi wéi 7 Kanner an enger Grupp sinn, dh déi iwwreg Kanner stellen sech hannereneen an eng Rei bei d’Startlinn (Bei den Schlesselen). No 3:30min gett gewiesselt sou dass d’Kanner un den Schwäerter wiesselen dass all Kand opmanst eenmol um Schwäert stoung. Di reschtlech Kanner brengen erëm d’Schlësselen.
!!Wiessel firdrun klären dass dat sou schnell wei meiglech geet!!

**Reegelen:**

- Et duerfen X  Schlësselen gläichzäiteg vun der Startlinn bis bei d’Briet transportéiert ginn
- Wann ee Schlëssel eroffält geet e Responsablen vun der Statioun e sichen a bréngt en zeréck un de Start

**Bewäertung:**

Unzuel u Schlësselen déi et a 7 Minutten vum Start bis bei de Schluss vum Briet an an den Eemer packen.